# D'ANELEIS AN SEI JUMBO

Perso'nen: ANELEIS , JUMBO - Mann a Frâ
KATRENG: Hauséieresch
MEREI: Nopesch
Eng Stömm

Szen: Kichen oder Zömmer hannert der vîschter Dîr

---

Aneleis: T'ass over e gelleche Misär mat déne Mânsleit! Da man so sech ass wann der Domner mat e lass wär, an dé beschten dagt neischt, ké schlechte Groschen. - A wât können se? A wât mâchen se? Sie diéidegen, se patschen wéi Fabrikschachteger, se versaufen Hab a Gut, a mit ârm, geplôte Fraen könne kucken, dass den Iesskascht op den Dösch könnt; an dann sin se dichteg. Da feieren se eran, dass en d'Hoer zu Bierg stin: Fo'eren mat 2 Pärd packen. - Do ass iech z.B. eise Jumbo! Wat wor ech scho geplôt mat dém Mânskerel! T'ass fir ze verzweifelen, t'ass fir sech selwer vu Roserei anzeschlecken. Ko'm de Kujong jo de Muergen ganz léif, ganz brav a sot: Aneleis, sot en, Aneleis, lauschter. Du wés zu Dengenskirchen ass all Joer nemmen émol dé wonnerschéinen Mârt. All besser Leit sin do. Ech war och honnertmol drop a villeicht......jo, Anneleis, sot en, villeicht ass et haut vit d'leschte Kéier. Ech, ech wés net, ech hun eso en trauregt Gefill. Jé, Aneleischen, loss mech nach eng Kéier op de Mârt goen. - Ech hu bâl misste kreischen, so léd huet et mir gedoen; dén ârme Männchen, an ech hun him 5 Frang gin a gesot: Géi Jumbochen, géi hun ech gesot, géi mein Härzenskönnchen, mé stell dech net de Boddi! Breng mir och eng Klengegkét mat. Du kanns jo och déi Patt drenken, an der e Pâk Tubak an eng nei Peif kâfen, mé göf e beschen op d'Geld uecht. - So hun ech him gesot, an ech hun him d'Geld an d'Nuesschnappech ageweckelt, an him de Schal ugedoen a gesot: Nu géi, Jumbo, géi, ameséier dech e beschen, over komm mat Zeit erem. Du wéss, d'Ko' ass krank, an du muss mer nach d'Schwein fidderen, well, pass op, t'ass de mer net an den Trach fälls, well e Schwein ass e rosend Dé'er. So hun ech gesôt - awer der Deiwel nach: We'ni könnt eso' e Jumbo erem, wann en eng Kéier aus dem Haus ass. Mé, wart Männchen, wart: ech wärt dech trakte'eren ewéi de gescheitsten Dokter et net besser kann.

(d'klappt) Aha! do ass e jo. E Gleck,dass ech d'Dir gespârt hun, e kann mer net entwöschen. - Wo' ass de Biesem? (höllt de Biesem) So nu komm! (stellt sech parat, de Biesemstill no önnen, mecht d' Dier op. Eng Hausséieresch könnt, sprôngt op d'Seit)

Kätreng: Zappe flûte, Anneleis, du empfängs d'Leit galant!

Aneleis: Oh! Kätreng, du bass et! Bass du och erem um Tour? Ech hat nömme grad de Gank nach solle kieren.

Kätreng: So schengt et mir och. Zenter wéini kiers du da mam Biesemstill?

Aneleis: O dé verflixte Biesem hält net am Still. Ech wollt en nemmen e beschen antucken. - A wat hu mer da neis?

Kätreng: Ma, da loss mech dach emol zu Otem kommen. (Dét en etlech Schalen, Schnappecher asw. aus) So, Aneleis, hues de keng an der Fläsch?

Aneleis: Öm Himmelswöllen, Kätreng, bass de och ewell eso eng Schnapsbrennerei gin? Loss dat sin: du könns over nach fréi genuch an d'Hell, an du brenns och gutt uni Brantwein.

Kätreng: Kann ech da villeicht logéiert gin?

Aneleis: Jo, ech konnt dech nach emmer gut gebrauchen. - Wat hues de da sche'ns an dengem Kuerf?

Kätreng: Alles, wât én alt eso brauch: Schongwichs a Buedemwichs, Uewewichs, Boxeknäpp an Hiemerknäpp, Schnappicher a Bendelen, Stréckelen, Spengelen, Kollisknepp, Manschetteknepp, Néllack a Lippenstifte, Nolen, Hühneraugenpflaster, Wakelter, Lassdick, Kämm, Parfum, Bieschten a Ketten a Reng a Schéieren, Messere, Fiederen........(t'klappt)

3. SZEN

Merei

Aneleis: Zapperlipopette, Kätreng, dat do ass en, ech kennen en um Spektakel, loss mir emol dat Mierschwengchen önner d'Gräpp falen. T'get Mo's vun him, Kätreng. Elo kanns du eng Klappjuegd erliewen, zwé Klepper, du an ech, uni Flönt,mä d'klackt, géf mer es!

Kätreng: Wat hues de dann elo erem an der Kopp?

Aneleis: Kätreng, elo gi mir Dölpesse fänken, awer é vun engem Zenner ass et déi Kéier.

Kätreng: Wât?

Aneleis: Hei, greif un de Sâck! Elei muss en eran. A wann en de Kapp am Straek huet, dann hu mit zwé d'Wuert, da get gedresch, awer fest, am 3/4 Takt dass en op en alle ve'er danzt: Tschumdatta, tschumdatta..... (t'klappt eröm)

Aneleis: Jo, hei sin ech! - Kätreng pass op. (t'Dir gét op, de Sâck flitt iwer e Kapp)

Aneleis: Eran a mei Sâck, eran a mei Sâck, eran a mei Sâck.

Merei: Höllef, höllef! Ech sin iwerfall! Polizei!Polizei! Höllef!

Aneleis: Héier! Hei ass d'Polizei! Déi wärt die elo ophöllefen. Lo gét et lass.

Kätreng: Aneleis, kuck äs hei, déi Jumbo huet e Rack un.

Aneleis: Wât, verstellt de Fuess sech och nach?

Merei: Höllef! Aneleis, bass de da gedéft?

Aneleis: Ei, d'Aneleis hât démols beim Défen dé richtege Kär Salz kritt, fir eso e Goliath, wéi dech ömzeléen. Jumbo, elo schléit d'Auer 12.

Kätreng: Aneleis, ech färten, des Kéier si mir zwé Dölpessen. Kuck emol, wats de eigentlech am Sâck hues.

Aneleis: (zéit de Sâck ewech) Hé, Jumbo, méi Beschten, weiss der Welt dei schéint Gesîcht! (jeitzt) Herrjé, du Kand! du d'Merei! Du hat ech gemengt, ech hätt de Jumbo am Sâck. So, Merei, huel mer et net iewel. Ech war zevill rosen iwert dé miserablen Mansmönsch. Wat häss de gären?

Merei: Nemmen, ärt Streckeisen.

Aneleis: Gären, gären, sief nemmen net béiss.

Merei: (fort) äddi, fort aus der Reiberhiel.

4. SZEN

Aneleis: Né, wéi konnt ech mech nemmen eso blaméieren? (klappt) - Pst, Kätreng, sief meischenstöll. Ké Pipcheswiertchen. Hal den Otem an. E könnt. Dös Kéier ass et dé richtegen.

Kätreng: De Jumbo könt, dat get e Gaudi!

Aneleis: Bei denger Séil. Séi ro'eg. Elo kanns de eppes erliewen. Elo kritt en de Kapp gewäsch. Elo berappt en alles (höllt en Emer Wasser) En Emer Wasser ass dat richtegt, dat killt, dat höllt d'Féiwer, dat brengt en erem zo sech, dat mecht en zeideg. (et klappt eröm) Jo,ech kommen.

(t'héiert én et plätschen - dann e Krésch)

Stömm: Wât héscht dat elo?

Aneleis: Dat héscht: En Emer Wasser, Här Mister Jumbo!

Stömm: Dat lossen ech mir net bidden. Ech gin op d'Polizei.

Aneleis: Lâf, mei Beschten, da kenns de alt e böschen méi fréi an de Prisong, du gezapptenen Maulâf!

Stömm: Ech schecken iech en Dierwiechter, ass dât eng Gemmghét!

Aneleis: Juer, juer, macht dir dat Här Barong Jumbo vum decke Sou a vum gro'sse Patt. Mamentan sin ech hei Dierwiechter.

Stömm: Genuch, ech gin. Ech wollt nemme grad nò èrer Ko'h kucken. Da kann se futti goen, äddi, dir héiert nach vu mir.

Aneleis: (léist den Emer fâlen) Här Dokter! Dir sit et! OH! oh! Ech, ech hat gemengt et wär mei Mann, dén do foll hémgetirkelt ke'm. - Verzeit, Här Dokter. Ech mache gleich op. Herrgott, en ass scho fort. Ech kréien e Schlag. Ech si jenéiert bei der futier Ko'h.

Kätreng: Oh, Aneleis, wât hues de gemach?

Aneleis: Ech si wéi ké Mönsch méi! T'Gâl léft mir iwer, ech hun d'Gielzecht dat ass alles Eisen.....(et rubbelt un der Dir)

## 5. SZEN

Jumbo: (dobaussen) Aneleis, Aneleischen! Komm hâl mer é Moment dat Haus un! d'Trap wibbelt! d'Maueren wackelen! Aneleis! Aneleischen! komm höllef. ech sin op d'Nues gefall!

Aneleis: Jo, elo könnt den ongewäschenen an d'Onglech ass geschitt, ech kann net méi.

Jumbo: (kuckt eran) Ass et verpermettéiert, dir Dammen, fir eran ze kommen?

Aneleis: (sprengt op en duer) Jo, komm, komm heihin! Op d'Knéien an öm Verzeihung gehéscht, eis zwé, wells de eis dat ugedoen hues.

Jumbo: De krommenaleschen Vullekuerf elo (weist op d'Kätreng) soll ech öm Verzeihung bieden? Vill léiwer gin ech dem Donner de Balleg trieden.

Kätreng: (béis) Wât sés de?

Jumbo: Neischt soen ech, ech denken nemmen.

Kätreng: Wat denkst de?

Jumbo: Ech denken un de Mann aus der Bibel, dén önner d'Reiber gefall ass.

Aneleis: Nun héiert ower alles op. Huet é schons esou en Ekel gesin. Du ongesolpert Steck Mansflésch, du zwébénegt Schnappsfass, voll, dass dê Sprit him zou den Hoer erausdempt. (geseit d'Flesch am Jumbo senger Täsch) An d'Flesch fir nozefellen an der Täsch. Hier dermat! (hellt d'Fläsch)

Jumbo: Zapperflent! Huet dat horegt, struppecht Ve'hdéier mir eng Fläsch gemopst. Sou, Aneleis, ech muss dir eppes soen.

Aneleis: Waat? Du mir eppes ze soen? Mach de Spond zou. T'schwätzt dach nömmen de Schnaps aus dir.

Jumbo: (grommelt) An ech hat dir eppes esou Schéines matbruecht.

Aneleis: (huerteg) Waat hues de mir matbruecht?

Jumbo: e schéine, schéine Spigel (hält dem Aneleis e virun d'Nues).

Aneleis: A wat man ech geschloe Fra mat engem Spigel?

Jumbo: (lacht) hihi! kucke solls de dech, all Dag, ömmer kucken.

Aneleis: A fir wat?

Jumbo: Mä dass de emol eng Kéier eppes geseis wats de färts, du gelleche Satan.

Aneleis: Aha, elo gös de frech an zwédeiteg.

Jumbo: Mo'm Aneleis, Mo'm Aneleis, du bass eng gefteg Zang.

Aneleis: Schluss, du versaltzten Dässem! (hölt de Biesem) Ech wärt dir deng knubbeleg Kalbass garne'eren, dat se glönnert we' e Rebo'(schlet drop)

Jumbo: Au, au, Höllef

Aneleis: (be's) An nun d'Trâp op, hoppla, marche! (Jumbo fort)

Aneleis: Oh Kätreng! ass dat e Léd? Ass dat en Dauer (kreischt) (wöscht d'Tréinen ôf) Komm Kätreng elo huele mir zwé e Glas, t'ass dach en Troscht. Ech machen dir dann och d'Bett an d'Reih.

Kätreng: Merci, et get dach nach gutt Leit op der Welt. (Si setzen sech a schenken sech eraus, lâchen a sangen) Zo' Arel op der Knippchen, do setzen hirer zwo', de' eng de' drenkt eng Schlippchen, de' âner hölt der zwo' - Victoria, victoria, tralala lala la. De Jumbo ass verschwonnen, mir hun seng Flesch gemaust, mir hun de Schnaps gewonnen, an him de Reck gelaust - Victoria.......An d'Ko' de' ass kuréiert, den Dokter ass genetzt. De Jumbo ass blaméiert, de Biesem hat gebletzt. Victoria.....(d'Luchte gin aus.....vollständeg....spéider Jumbo mat Kerz an enger Rommel)

Kätreng: T'mént én d'Luchte gengen aus.

Aneleis: Et ass over en Dauer! Dat ass ömmer, wann et am schéinsten ass.

## 6.SZEN

(bal deischter evtl. ganz deischter; de Jumbo könnt als Gespenst eran, schléft Ketten nô, evtl. eng Kerz an enger Rommel am Grapp)

Jumbo: Hu, Hu! Gerîcht! Gerîcht!

Aneleis a Kätreng: E Gespenst! Den Deiwel!

Jumbo: Wât gét hei vir? Wât huet der gemach?

Aneleis a Kätreng: (op de Kne'en) Höllef, den Deiwel, e Gespenst! Jumbo!

Aneleis: Ech sin do't.

Kätreng: Ech och!

Aneleis: Ech leien am Grâw

Kätreng: Erbarmen

Jumbo: Sit der berét?

Aneleis: Erbarmen!

Jumbo: Sit der berét? (rabbelt mat de Ketten)

Kätreng: O Gott! nach net!

Aneleis: Dat ass, well mir de Jumbo eso' geschloen hun. Erbarmen!

Jumbo: Bereit dir är Verbriechen? Bied dir de Jumbo öm Verzéchnes?

Aneleis a Kätreng: JO, jo, gären!

Jumbo: De Söndebiesem gött verbrannt.

Aneleis a Kätreng: Jo, jo am Bâkuewen

Jumbo: Déi gestuele Fläsch göt erem geföllt

Aneleis: Direkt!

Kätreng: Bis uewen hin

Jumbo: Nimols méi en hârt Wuert (rabbelt mat de Ketten)

Aneleis a Kätreng: (zidderen) Erbarmen! nie, nie méi. Et ass elo ömmer mei léiwe Jumbochen. Alles, alles gin ech him, ech follegen him. O Erbarmen, Här Géscht! Huelt èr Ketten ewech. O gitt, gitt....

Jumbo: Hal dir èrt Wuert?

Aneleis a Kätreng: Jo, jo, lôsst ons nömme liewen.

Jumbo: fort, schlofen, ech hale Wuecht, hu, hu
(rabbelt, dét d'Kâp ôf, reift sech d'Hänn): So' déi hätte mer......

RIDEAU

---------------------------